

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

**REÇU**  
Par Christine Wirtgen , 16:43, 22/09/2020

Lëtzebuerg, den 22. September 2020

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Covid-19 Situatioun huet d'Regierung eng ganz Rei Moosnamen, Reglementatiounen a Gesetzer adoptéiert. Net nëmme goufe Gesetzer geschaf, mee och si bestoender modifizéiert ginn, fir esou an engem formell legale Kader ze handelen.

Duerch d'Droe vun der Mask, déi hei am Land keng Recommendatioun ass, mee eng Obligatioun, sinn d'Leit an der Situatioun, datt si en Deel vun hirem Gesiicht verdecke mussen. D'Vermummungsverbuet, dat am Gesetz vum 23. Mee 2018 definéiert ass, gesäit vir, datt ee sech strafbar mécht, wann een op bestëmmte Plazen am ëffentleche Raum d'Gesicht ganz oder deelweis verdeckt. D'Gesetz gesäit awer Ausname vir:


„L'interdiction prévue à l'alinéa 1er ne s'applique pas si la dissimulation de tout ou partie du visage est prescrite ou autorisée par des dispositions législatives, si elle est justifiée pour des raisons de santé dûment attestées par un certificat médical ou des motifs professionnels et limitée au but poursuivi, ou si elle s'inscrit dans le cadre de pratiques sportives, de fêtes ou de manifestations artistiques ou traditionnelles où il est d'usage que l'on dissimule tout ou partie du visage.“

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Ass et richtig, datt d'Vermummungsverbuet an d'obligatorescht Droe vun enger Mask an dëser rezenter spezifescher Situatioun am Widdersproch zu enee stinn?
2. Hätten hei net missen déi néideg legislativ Dispositiounen geschaf ginn, fir dës Widdersproch opzehiewen?
3. Huet dës Widdersproch en Impakt op déi vun der Regierung verhaange Reegelen an d'Rechtsgültegkeet vun der Bestrofung vum Net-Droe vun der Mask?

4. Wann d'Gesetz zum Vermummungsverbuet net formell amendéiert gouf, befënnt de Staat sech dann iwwerhaapt an der rechtlecher Positioun, de Bierger fir d'Net-Droe vun der Mask - op deene vum Vermummungsverbuet definéierte Plazen - duerfen ze bestrofen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 23 septembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2880 du 22.09.2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen  
et de Monsieur le Député Roy Reding - Loi sur la dissimulation du visage

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai  
d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés